# Rapport Réunioun Commission Jeunes vum 15ten Abrëll 2024

*Präsenzen:* Elsen Pierre, Engels Romain, Godart Suzie, Kruchten Guy, Magar Claude, Schmit Marco, Schmitz Marco, Schroeder Lex, Spautz Richard (Vertrieder CA), Raach Serge, Urban Steve

*Invité:* Camille Dahm (Präsident FSCL)

---

Fir déi éischt Réunioun als nei konstitutionnéiert « Commission Jeunes » mecht de Präsident e klenge Réckbléck vun de läschte Joeren a riicht e puer Wëllkommenswieder un déi nei Memberen. No engem Tour de Table, wou jidfer Member sech kuerz virstellt, gëtt de Präsident deene gewielte Memberen den Optrag fir d'Chargen am Grupp (Präsident, Sekretär) ze verdeelen an zum Ordre du Jour iwwer ze goen.

1. *Constitution de la commission: distribution des charges (élections?)*

   De Lex Schroeder ass Kandidat fir de Präsidenteposten a gëtt als sollechen unanime ugehuel, d'Suzie Godart iwwerhëllt d'Sekretariat, och ouni Géigestëmm. De Richard Spautz bleiwt Vertrieder vum CA an der Commission Jeunes, a wéinst all sénge Mériten, déi hien an der Jugendarbecht huet, bleiwt hien och Eierepräsident op Liewenszäit.
   Am Fall wou emol de Präsident nët kënnt un enger Sitzung vun der Kommissioun deelhuelen, géif den Éierepräsident hien dann och ersetzen an d'Leedung vun der Sitzung iwwerhuelen. Sollt d'Sekretärin emol nët kënnen do sinn, géif de Romain Engels als fréiere Sekretär vum Groupe de Travail Jeunes déi Charge an deem Fall iwwerhuelen.

2. *Agenda pour le futur: fixation d'une réunion avec les responsables FSCL afin de mettre sur pied un agenda pluriannuel - projets - conceptions - visions*
   Dëse Punkt gët op den Ordre du Jour vun der nächster Sitzung verluecht.

3. *Validation rapport de courses Kropemann 23.3.2024*

De Richard Spautz war Delegéierten op dëser Course a gët de Membere vun der Kommissioun e kuerzen Iwwerbléck iwwert dës Course. Vu dat keng spezifësch Virfäll waren (keng schlëmm Chuten asw.) gët de Rapport vun alle Membere guttgeheescht.
Et ëtt awer och festgestallt, dat de Rapport dee momentan benotzt gët, nët onbedéngt méi zäitgeméiss ass, a mir misste kucken deen emol ze iwwerschaffen. D'Suzie Godart freet beim Florian Salzinger vun der FSCL no, fir d'Virlag vun hinnen ze kréien, an da kënne mir deen an enger nächster Versammlung adaptéieren.

4. *Adaptation du règlement jeunes suivant décision AGO*

**a) ad Artikel 3.** *Chaque détenteur d'une licence Jeunes FSCL ou d'une autre fédération cycliste (BAMBI I à BENJAMIN II) valable peut participer au maximum à 1 épreuve Jeunes par week-end.*
**b) ad Artikel 11.** *La FSCL autorisera au maximum 5 départs à des épreuves à l'étranger.*

Dës zwee Punkte sollen op Virschlag vum Nathalie Lamborelle vun der Pedale Schëffleng aus dem Règlement Jeunes gestrach gin. De Richard Spautz huet dat op der Assemblée Générale du och fir gudd geheescht, an d'Veraïner hun ët esou ugehuel, opschon daat nët vum Groupe Jeunes esou ofgemat war.
Et geet drëm d'Kanner virun iwereifregen Elteren an Traineren ze schützen an nët schon am jonken Alter ze verbrennen.
Et wier gudd, wann eis Kommissioun an Zukunft scho virum Kalennerkongress d'Datumer vun de geplangten Epreuven ze gesi géif kréien, sou dat schon am Virfeld mat de betraffene Veraïner ka geschwat gin fir eng Léisung ze fannen, ier um Kongress ofgestëmmt gët. Doduerch vermeide mir an Zukunft dat esou Mëssele vun duebele Weekender virkommen.
No längerem Hin an Hier, gët festgehal, dat mir déi Decisioun dann awer elo esou gud heeschen an d'Demanden, déi fir eng Startgenehmigung am Ausland gemat ginn, mat Hëllef vum Florian Salzinger kontrolléieren. Sollte mir do feststellen, dat vu

verschidde Leit iwwerdriwwe géif, misste mir dann fir daat anert Joer eng nei Upassung vum Règlement virschloen.
D'Règlement muss och esou séier wéi méiglech um Site vun der Fscl à jour gesat ginn.

5. *Insigne technique prévu le 9 novembre 2024 par le club Trailhunters Mersch/en collaboration avec la Pédale Mühlenbach : Impact conditions météo, organisation indoor prévue au hall Victor Hugo au Limpertsberg en ville ?*

D'Trailhunters hu kee Problem, daat Ofzeechen an der Stad ze organiséieren, allerdéngs kënnt, wéi de Romain Engels eis bericht huet, d'Victor Hugo Hal am Hierscht eventuell nët zur Verfügung stoen, wëll Entretiensarbechte geplangt sinn. An deem Fall kënnte mir op de Parking Souterrain vum Geesseknäppchen aus weichen. De Romain Engels bleiwt a Kontakt mat der Stad Lëtzebuerg an den Trailhunters an hällt eis um Lafenden.
An Zukunft wier ët vläicht sënnvoll dësen indoor Event am Fréijoer ze plangent, da kënnen d'Kanner hire Sticker direkt op déi nei Kaderplack pechen.

6. *Budget jeunes*

Mir hate 5000€ als Budget gefrot, vum CA sinn 3500€ festgehale ginn, iwwer déi mir also fir eis Ausgabe wéi Kaderplacken, Medaillen asw. verfüge kënnen.

7. *Publication éventail „Insigne Technique"*

D'Arbechte vum Layout sinn ofgeschloss, d'Federatioun huet déi definitiv Versioun virleien, et hänkt elo just nach un den Offere fir den Drock. (300 Exemplären)
Eisen neie Präsident de Lex Schroeder wäert mam Florian Salzinger kucke fir daat esou séier wéi méiglech un d'Rullen ze kréien, bäschtefalls iwwert e Sponsorat.

D'Video'e zum Technikofzeeche sinn um Site vun der Fscl, missten awer och nach op d'App vun der INAPS, d'Suzie schwetzt

de Philippe Peters vun der INAPS duerzou un, a këmmert sech drëm dat daat gemat gët.

8. *Fixation du lieu des réunions de la commission pour le futur*

   Fir eis nächst Réuniounen si mir eis eens ginn, déi nees um Site vum Boy Konen ze maachen, do si mir fir eis (waat beim Café Gina nët de Fall wor), a mir hun och kee Problem mat Parken (waat an der Maison des Sports problematësch as). De Lex freet am Numm vum SAF Zéisseng de Sall un, dann entstinn och keng zousätzlech Onkäschten.
   Mir zéien eis Versammlungen an Zukunft op 19h00 no vir, um Site vum Boy Konen musse mir spéitsdens um 22h00 eraus sinn.

9. *Verschiddenes :*

   De Serge Raach schléit vir, an Zukunft niewt de Mailen och iwwert Whatsapp ze kommunizéeiern, well daat méi flexibel ass, wa mol een eng Fro huet, a Verspéidung ass….
   (D'Grupp ass scho funktionell zënter dem 16.4)

   De Claude Magar proposéiert e Crash-cours vun der Jury fir all eis Memberen ze maachen, dat jidferee ka bei de Kannercoursen als Delegéierte präsent sinn.
   An eiser nächster Sitzung maache mir och e Planning fir dat all Member op d'mannst op enger Epreuve mat derbäi ass, sou dat jidfereen och e Rapport ka maachen.
   De Richard Spautz wäert sech och weiderhin ëm d'Klassementer an d'Präisser këmmeren.

   Fir eis nei Membere mécht de Claude och e klengen Historique iwwert d'Enstoe vum Technikofzeechen, waat op enger Iddi vum Christian Zwietlik an dem Misch Wolter fir Leeschtungsgruppe baséiert, fir suwuel Technik wéi Physis bei der Andeelung vun de Kategorien a Betruecht ze zéien.

De Marco Schmitz streift kuerz dem Fränk Schleck seng Iddi fir d'Kategorie Minimes a Cadets ze sträichen a bei d'Jeunes derbäi ze setzen. Et gët positiv awer och negativ Aspekter…
Géif een an deem Fall d'Reglement Jeunes fir déi Kategorien adaptéieren, kënnt een e ganzen Deel Jury spuere mengt de Claude Magar.
Dëse Punkt gët op den Ordre du Jour vun eiser nächster Versammlung gesat.

*Nächst Versammlung :*

Méindes den 13te Mee um 19h00 um éischte Stack am Gebäi vum Stade Boy Konen an der Stad (Zéisseng).